PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/02/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet, Justiz & Finanzen weiderzeleeden.

An der parlamentarescher Fro Nummer 5082 hunn d'Justizministesch an de Finanzminister erkläert, dass d'« Section Nouvelles Technologies » bei der Police schonn iwwert eege Wallets verfüügt, an deene Kryptowärunge gespäichert kënne ginn, déi beschlagnaamt goufen. Wann Kryptowärungen esou beschlagnaamt an aus dem Verkéier gezu goufen, stellt sech d'Fro, wat mat de sougenannten "Coins" an de Wallets vun der Police geschitt, a wéi virgaange gëtt, falls d'Coins no opgeschlossener Prozedur bei der Justiz erëm un hire Besëtzer missten zeréck iwwerwise ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Iwwer wéi vill Wallets verfüügt de Lëtzebuerger Staat am Moment?
2. Wat fir Prozedure ginn duerchlaf am Fall, wou d'Kryptowärungen, déi an dëse Wallets gespäichert sinn, sollen a Fiatgeld ëmgewandelt ginn?
3. Ginn et Fäll, wou beschlagnaamte Kyptowärunge vun Drëtten a Fiatgeld ëmgewandelt ginn? Wa jo, wat geschitt am Fall, wou duerch d'Ëmwandele vun der Kryptowärung op zum Beispill den Euro oder Dollar ee Benefice gemaach gëtt? Erhält de Besetzer dann dëse Benefice?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député